LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 20 AVR. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 17:12, 20/04/2021

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire N° 3945 du 25 mars 2021 des honorables députés Messieurs Jeff Engelen et Fred Keup, concernant l'électro-mobilité dans le cadre des auto-écoles, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité et des
Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François BAUSCH, op d'parlamentaresch Fro n°3945 vum 25. Mäerz 2021 vun den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen a Fred Keup iwwert "Électro-mobilité dans le cadre des auto-écoles"

Déi honorabel Deputéiert stelle sech Froen iwwert de Führerschäin am Zesummenhang mat der Elektromobilitéit.

De Ministère féiert keng Statistiken iwwert d'Gefierer déi an de Fahrschoulen agesat ginn, well dës net gesetzlech virgeschriwwe sinn. D'Gefierer musse just der jeeweileger Führerschäinskategorie entspriechen.

De Führerschäin wéi en sech haut duer stellt, baséiert op der europäescher Führerschäinsdirektiv 2006/126/CE. Dës Direktiv reegelt wat fir Führerschäinskategorien et gëtt, wat fir Krittären de Chauffer erfëlle muss fir dës Kategorië ze kréien a wat fir Gefierer hie mat dëse Kategorië fueren däerf. Dës Dispositioune sinn deemno och esou an de lëtzebuergesche Code de la Route iwwerholl ginn.

Déi europäesch Direktiv mécht keen Ënnerscheed wat d'Energiequell vum Gefier ugeet. Dëst bedeit, datt wann een de Führerschäi fir eng bestëmmt Kategorie gemaach huet, den Autosführerschäin (Kategorie B) zum Beispill, dann däerf een all Gefier vun dëser Kategorie fueren, onofhängeg wéi en ugedriwwe gëtt.

Wat elo eventuell zukünfteg Ufuerderungen u Farschüler, Farschoulen oder Examinateuren ugeet, esou huet d'Europäesch Kommissioun ugekënnegt, d'Dispositioune vun der Führerschäinsdirektiv ze iwwerschaffe fir ënnert anerem den Entwécklungen an der Elektromobilitéit Rechnung ze droen. Hei huet awer d'Konsultatiounsphas grad eréischt ugefaangen, an et ass nach ze fréi fir kënnen ze soe wat sech do elo genee wäert änneren. D'Kommissioun huet den Text fir dat 2. Semester 2022 ugekënnegt.